

# Zugonschte vu „Blëtz asbl.“

Concert mat der Militärmusek zu Gaasperech



**Lëtzebuerg.** E wonnerschéine Concert mat der Militärmusek, organiséiert vum „Syndicat d'intérêts locaux“ vu Gaasperech, war dëser Deeg an der Porkierch. Um Programm stoungen ënner anerem Wierker vu Gluck, Rossini, Mozart, Verdi a Kemmer. De Concert war e volle Succès. De Benefice war fir d'Vereenegung „Blëtz“, déi sech asetzt fir Leit, déi en Hireschlag haten. (Interesseveräin Gaasperech via mywort.lu)